



Ref. : FLMP-2020-193

Newsletter 2 / 2020

Juni 2020

Léif Wanderfrënn,

D'Lëtzebuurger Wandersportfederatioun mat senge Veräiner mécht, d'selwecht wéi all aner Leit, momentan eng schwéier Zäit mat. D'Pandemie vum Covid-19 huet d'Liewe vun eis all verännert an och deelweis ageschränkt.

Elo, wou mer an den éischte Phase si vum Deconfinement, si mer am Gaang ze plangen, wéi mer eise Wandersport erëm kënne lues a lues op d'Been gestallt kréien.

Esou bal déi aktuell Restriktiounen et erlaben, wëlle mir zesumme mat alle Veräiner e Brainstorming organiséieren, fir zesummen iwwert Zukunft vum Wandersport mateneen ze diskutéieren.

Et ass wichteg, fir all eis Memberen erëm ze aktivéieren an ze motivéieren, fir sech erëm un eise Wanderaktivitéiten ze bedeelegen an sech weiderhin am Benevolat fir säi Veräin zur Verfügung stellen. Grad esou wichteg ass et awer och, ze versichen, all déi nei ganz aktiv Wanderer, déi an de leschte Wochen a Méint d'Wandere entdeckt hunn, sech och fir d'IVV-Aktivitéiten ze begeeschten.

Kalenner 2020

Bis Mëtt September si bis elo praktesch all Wanderungen ofgesot. Reng theoretisch kënne mer eng Wanderung organiséieren, well och ënnerwee seele Gruppe vu méi wéi 20 Marcheuren sech forméieren. Am Sall ënnerleie mer awer dann dem Horesca-Reglement mat maximum 4 Leit un engem Dësch, mat Distanze vu minimum 1,50 pro Dësch grad esou wéi all déi aneren hygienesche Moosnamen am Service an och an der Vente (Mondschutz – Händchen – asw). Dëst wëlle mer eise Veräiner awer momentan net zougueden a waarden dofir op weider Labberungen am Deconfinement.

Mir hoffen awer, datt mat der Reprise vun der Schoul am September och erëm kënnen IVV-Wanderungen ënner méi normale Konditiounen organiséiert ginn, dëst eventuell mat verschidde Restriktiounen. Dofir maache mir en Appell un all betraffe Veräiner, mat weideren Ofsoen ofzegaarden, bis mir iwwert eventuell weider Oplage vun der Regierung informéiert sinn. De Verwaltungsrot vun der FLMP bleift weiderhin an enkem Kontakt mat de betraffenen Autoritéiten.

Geféiert Wanderungen

Geféiert Wanderunge kënnen erëm organiséiert ginn, dëst awer nëmmen am Respekt vun den aktuelle Reegelen.

De Grupp däerf aus **maximum 20 Leit** bestoen, wou déi verschidde Guide och dozou gehéieren. **Dofir ass och eng Virumeldung néideg.** Bei der Aschreiwung a beim Stempelen **muss de Mask resp. de Mondschutz gedroe ginn** grad esou wéi am Fall, wou déi sougenannten 2-Meter-Distanz net kann agehale ginn. Am Beschten ass aktuell op all Ravitaillement ze verzichten; de Wanderer soll sech säin eegene Ravi matbréngen.

Permanent Wanderweeër – PW

Eis Permanent Wanderweeër ware praktesch alleguerten déi ganzen Zäit op, d'Startlokaler awer zum gréissten Deel zou. Aktuell sinn nach de PW 001 an de PW 024 zou, well dës deelweis iwwert déi belsch resp. franséisch Grenz féieren. Ab dem 15. Juni sinn dann erëm all eis Permanent Wanderweeër op.

Wéinst der aktueller Situatioun, déi eis momentan keng IVV-Wanderungen erlaabt, huet de Verwaltungsrot vun der FLMP decidéiert, fir elo mol bis zum Enn vum Joer, d'Reegel vun engem Participatiounsstempel pro Quartal ze annulléieren. Deemno kritt de Wanderer vum Mee un **all Kéier**, wou en ee PW getrëppelt ass nieft senge gewanderte Kilometer **och ee Participatiounsstempel a säi Wäertungsheft.**

Nei Cupen & Trailen

Op Wonsch vu ville Wanderer huet d'FLMP sech Gedanke gemaach, fir d'Angebot fir all eis Wanderer ze erweideren. Dofir hu mir och an Zesummenaarbecht mam Tourismusministère, der CFL, der Gemeng Jonglënster mat de Lënster Trëppler an de Frënn vum Camino de Santiago de Compostela“ verschidden **nei Cupen & Traile mat IVV-Wäertung** ausgeschafft.

Et sinn dëst:

- den FLMP-Auto-Pédestre Luxembourg-Cup
- den FLMP-CFL Rail & Trail-Cup
- de Jonglënster-Trëppel-Cup
- den FLMP-Camino Luxembourg-Trail

« **FLMP goes digital**“. Am neien Zäitalter « digital » ginn all dës Cupen & Trailen nëmmen digital ugebueden. Jee no Reglement gëllt et d'Streck op enger Wander-App ze enregistréieren oder awer ënnerwee Kontrollfotoen ze maachen an anzerechen.

Déi néideg Informatiounen heizou fënnt en op der Internetsäit vun der FLMP www.flmp.lu ënnert der Rubrik Cups/Trails resp. op der Facebook-Säit „Lëtzebuenger Wandersportfederatioun“.

Wanderer, déi net „digital“ kënnen oder wëlle wandere, hunn ëmmer nach eis traditionell Permanent Wanderweeër als Ausgläich zur Verfügung.

Kalenner 2021

Mir hoffen, datt eise Kalenner 2021 mat allen Organisatiounen erëm kann normal duerchgefouert ginn. Bedénkt duerch vill Annullatiounen vun dësem Joer, si verschidde gréisser Veranstaltungen op d'nächst Joer verluecht ginn. Heizou gehéiert ënner anerem d'Europiade zu Sillian an Toblach an Osttirol a Südtirol grad esou wéi déi verschidde Wanderungen am Kader vum internationale 60er-Cup.

Och de Programm vun eis Feierlechkeete vum 50ten Anniversaire wäert mussen ugepasst ginn, dëst aus Zäitgrënn an awer och aus finanzielle Grënn.

Mir halen iech weiderhin iwwert all Neiegkeeten an eventuell Ännerungen um Lafenden an hoffen dierfen an nächster Zäit erëm flott Momenter mat iech al ze verbréngen.

Bleift fit a gesond